De Koschter hat an der leschter *forum*-Nummer säi Pefferkär iwwert di miserabel Qualitéit vum 'Schoulradio' um soziokulturelle Sender verluer. D'Schoulsendung iwwer Medien as och nët besser: Do huet d'Journalistin dës lescht de Nolauschterer voller Verwonnerung matgedeelt, dass 1938 an Däitschland scho Millioune Leit e Radio haten, awer kee Wuert driwwer, dass den Hitler ganz geziilt e 'Volksempfänger' baue gelooss hat, fir dass jiddferee séng Riede kënnt nolauschteren. De Koschter as awer och gewuer gin, dass de Choix vun deene Schoulradio-'Dozenten' nët der Radiosdirectioun, mä dem Erzéiungsministär säin as. De Koschter versteet, dass wann ee mazzen am Schouljoer no Proffe sicht, fir esou Emissioune virzebreeden, den Echo nët grad grouss as, well dat jo jhust Iwwerstonne bedeit. Dat as awer keng Entschëllegung, fir dann eben Erwuessebildung mat 'schlechte' Proffen z'organiséieren. Dee Schoulradio hätt och nach kënne bis d'Rentrée am Hierscht 1998 waarden an da mat Leit gestart gin, di déi Aarbecht an hire Schoulkader agebaut kréichen.

**m.p.**

An der Press as an de leschte Wochen dax rieds gewiescht vun dem Tax-Shelter-Gesetz, dat d'Regirung vergiess hat mat Zäit verlängeren ze loossen, sou dass säit dem 1. Januar 1998 di steierlech Begënschtigung vun der Filmindustrie - di bis elo ëmmerhin Investitiounen am Wert vu 900 Milliounen an d'Land gezun huet - ouni gesetzlech Basis as. Méiglercherweis gin doduerch Millioune-Geschäfter verluer. Nët ernimmt gouf an dene Presseartikelen, dass Millioune Subsiden, di nach 1997 nom ale Gesetz fir nei Filmer als Hëllef accordéiert goufen, nach ëmmer nët ausbezuelt gi sin. De Koschter freet, ob d'Regirung dann och di Zënsen bezuelt, di elo fälleg gin, well Filmemaacher bei Banken di Suen hu missen léine goen, di d'Regirung versprach awer nët mat Zäit ausbezuelt huet.

**m.p.**

De Koschter muss d'Kierch vu Lëtzebuerg félicitéieren, dass si dat gemaacht huet, wat een am Fong vum Staat, de Gemengen a virun allem de Parteien erwaart hätt. Mat engem Bréif vum Erzbëschof, deen och d'LW nët mi iergendwou an de bannenzeche Säite verstoppe konnt an enger Publicitéit vun enger ganzer Säit vum SeSoPI-Centre Intercommunautaire huet si d'Auslänner zu Lëtzbuerg opgeruff, sech op d'Wallëschte fir d'Gemengewalen anzeschreiwen, an d'Lëtzebuerger, bei hiren auslännesche Bekannten dofir Reklam ze man. D'Kierch as domat enger Linn trei bliwwen, di se säit en etlech Joer ënnert dem Impuls vum Generalvikar ageholl huet, di Solidaritéit mat den Auslänner och politesch versteet. Muenche Chrëscht wäert sech iwwert dat Engagement gewonnert a gëiergert hun, mä dee muss sech froen, wat da Chrëschtentum fir hie bedeit.

**m.p.**


## *forum*

Herausgeber: *forum* a.s.b.l.
Ständige Mitarbeiter: Raymond Klein, Michel Pauly, Jean-Paul Barthel
Koordination: Jürgen Stoldt
Druck: rapidpress, Luxemburg

Preise für ein Jahresabonnement (8 Nummern):
1050 F, Studenten und Arbeitslose 850 F,
Geschenkabonnement: 850 F,
(Ausland zuzüglich 500F Porto),
zu überweisen auf das Postscheckkonto 61154-44
von forum, Luxemburg mit dem Vermerk Abo ab Nr....

*forum* erscheint seit 1976 achtmal im Jahr.
Durchschnittliche Auflage 1997: 1750
Der Nachdruck von *forum*-Beiträgen ist erwünscht,
wenn die Quelle angegeben wird.
Unterzeichnete Artikel geben nicht
unbedingt die Meinung der Redaktion wieder.

**1, place Ste Cunégonde**
**L-1367 Luxembourg**
**Tel.: 42 44 88 Fax: 42 44 99**
**Bürozeiten: Montag bis Freitag 9-12**


